

**Evangelium vum Héichfest  
vun der Gebuert vum hellege Johannes dem Deefer [24. Juni]  
(um Virowend)  
(Joer A - B - C)**

**Lk 1,5-17**

- G. *Den Här sief mat iech all.*  
A. *An och mat lech.*  
G. *Aus dem hellegen Evangelium nom Lukas.*  
A. *Dir all Éier, Här.*

- 5 Deemools, wéi den Herodes Kinnek vu Judäa war,  
gouf et e Priister, deen Zacharias geheescht huet  
an deen aus der Priistergrupp Abia war.  
Seng Fra war eng Nokomme vum Aaron,  
an si huet Elisabeth geheescht.
- 6 Allebéid waren si gerecht virum Herrgott,  
an ouni Feel hunn si sech  
un all dem Här seng Geboter a Virschräfte gehal.
- 7 Si hate keng Kanner,  
well d'Elisabeth keng kréie konnt,  
an si waren allebéid scho bei Alter.
- 8 Enges Daags, wéi den Zacharias Priisterdéngscht virum Herrgott hat  
– seng Déngschtgrupp war grad un der Rei –,  
dunn ass et geschitt,
- 9 datt hien, esou wéi et bei de Priister de Brauch war,  
d'Lous gezunn huet,  
fir an dem Här säin Hellegtum ze goen  
an do de Wäiraach ze verbrennen.
- 10 An deem Ament, wou de Wäiraach verbrannt gouf,  
huet dat ganzt Vollek dobausse gebiet.
- 11 Dunn ass dem Zacharias en Engel vum Här  
op där rietser Säit vum Wäiraachaltor erschéngen.
- 12 Wéi hien den Engel gesinn huet, war hien an enger Oprou,  
an hie krut et mat der Angscht ze doen.
- 13 Den Engel sot zu him: "Fäert net, Zacharias!

Däi Gebiet ass erhéiert ginn.

Deng Fra, d'Elisabeth, schenkt dir e Jong;  
dee solls du Johannes nennen.

14 Hie gött eng Freed fir dech, eng Gellecht,  
a vill freeën sech der iwwer seng Gebuert.

15 Hie gött nämlech grouss virum Här.  
*Wäin an anert Gedrénks, dat voll mécht, drénkt hien net<sup>a</sup>,*  
a vun hellegem Geescht gött hien erfëllt,  
vun un datt hien an senger Mamm hirem Schouss ass.

16 Vill Israelite féiert hien hannescht bei den Här, hire Gott.

17 Am Geescht an an der Kraaft vum Elias  
geet hie virun him hier,  
fir de Pappen hiert Häerz hannescht bei d'Kanner ze féieren  
an déi Tockeg hannescht bei eng Gesënnung,  
wéi déi Gerecht se hunn,  
a fir dem Herrgott e Vollek virzebereeden, dat [him] gutt gesënnt ass."

G. *Evangelium vun eiser Här Jesus Christus.*

A. *Dech, Christus, luewe mir.*

---

<sup>a</sup> Num 6,3; Lev 10,9.